Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Hei am Land si legislativ Projeten geplangt, déi, sief et duerch d'Sammele vun Donnéeën oder de méiglechen Asaz vun Trojaner, duerch VPN-Verbindunge kéinten erschwéiert ginn. Besonnesch wann et ëm Iwwerwaachunge geet, stellen sech vill Bierger d'Fro wéi se kënnen anonym bleiwen an hir digital Aktivitéiten ouni Iwwerwaachung duerchféieren. Natierlech gräift de Prinzip vun enger VPN-Verbindung awer vill méi wäit, souwuel op privatem wéi och op professionellem Niveau. An dësem Kontext stellt sech d'Fro zu méigleche gesetzlechen Aschränkunge vun esou Verbindunge, wéi et a Länner wéi China, Brasilien an och der Türkei schonns de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ginn et, sief et zum Beispill am Kader vum Jugendschutz oder vun der Cybersécherheet, Iwwerleeungen an der aktueller Legislaturperiod den Asaz vun VPN-Verbindunge gesetzlech anzeschränken oder ze verbidden ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten